

## Se sinn erëm do!

Se waren och net wierklech fort, se haten sech just iwwert de Wanter gutt verstoppt.

Nee, ech schreiwen hei net iwwert d'Zuchvigel wéi z.B. Hoergänsen, déi zënter zwou Wochen zeréck aus dem Süde kommen an dobäi mat vill Gekréits queesch iwwert eist Ländche fleien, ech schreiwen hei iwwert déi vill Motofuerer a Velofuerer, déi bei deem schéine Wieder och nees zënter Kuerzem duerch d'Natur an duerch eist Ländche fueren. An och hei sinn der leider e puer derbäi déi direkt nees mussen negativ opfalen, sierf et duerch absolut iwwerfléssge Radau oder duerch iwwerdriwwent Gerenns. Genau wéi bei den Autosfuerer sinn et nëmme d'Ausnahmen, awer déi puer onbeléierbar a berodungsresistent Zäitgenosse suergen ëmmer nees derfir, dass den Image vun de Motofuerer am allgemengen, sech einfach net verbessert. Iwwerméissege Kaméidi bréngt dach nu wierklech kengem eppes. Och haut ass de bekannten Slogan „Laut ist out“ nach aktuell wéi jee.

Iergendwann wäert et dann och hei esou wäit sinn, dass wéinst dem Kaméidi (an/oder wéinst dem Gerenns), flott Strecken, genau wéi am Ausland, einfach gespaart ginn a Fuerverbueter opgestallt ginn. D'Enn vun der Geschicht ass da sécher, dass Motoen villäicht Sonndes guer net méi fueren dierfen oder just nach op der Autobunn op an of zischen dierfen, wat jo nu wierklech keen vun eis interesséiert, well dat mecht jo bekanntlech kee Spaass.

Ech war mat mengem „neie Youngtimer-Motorrad“, (ech hunn et eréischt kierzlech kaf, et stoung e puer Joer vergiess an enger Garage, an d'Reih gesat a viru 14 Deeg ugemellt), an deene leschten Deeg schon öfters ennerwee an dat absolut gemittlech an ouni ze iwwerdreiwen (muss jo elo quasi e Rodage fueren) a gouf gläich e puer mol komplett iwwersinn oder komplett falsch ageschätzt. Nee, nee, d'Luucht war un, de Moto ass giel an eigentlech sinn weder de Moto, nach ech ze iwwersinn.

- Op enger Kräizung mat Rietsvirfaart sinn ech zimlech lues un d'Kräizung eru gefuer, well ech net gesinn hunn op vu riets en Auto kënnt. An deem Moment fiert awer den Auto dee vu lénks kënnt viru mir eraus a béit viru mir no lénks of. Hëllt mir also einfach d'Virfaart (a wénkt mir nach „Merci“)!?
- Hannert enger oniwwersiichtlecher Kéier stoung en Auto de breede Wee an der Strooss an huet op dëser geféierlecher Plaz missen hannerzech-fijenzech manövréieren fir do d'Kéier ze maachen!
- An enger aner Kéier kënnt mir en Auto deelweis op menger Säit entgéint. Geschätzt e Meter féiert seng (falsch) Ideallinn, iwwert den duerchgezunnene Stréch an iwwert déi falsch (meng) Stroossesäit.
- Wéi ech op der Autobunn (mat der erlaabter Vitesse) 2 oder 3 Autoen iwwerhuelen, mierken ech am Aewénkel, wéi den Auto, op deem sénger Héicht ech mech grad befannen, ëmmer méi no kënnt. D'Madame wollt och grad dee Moment, wou ech nierft hier war, iwwerhuelen. Sie hat mech an hierem Réckspigel net gesinn, (oder net richtig gekuckt, war och grad an enger Diskussioun mat der Madame um Bäifuerersätz).
- Bal doheem ukomm, fiert vun enger Tankstell op ménger Lénker e presséierte Chauffeur (iwwert déi opgemolten Inselen) knapp viru mier eraus a béit lénks, viru mech of. Eigentlech dierf een op dëser Plaz net no lénks ofbéien, d'Siicht ass ageschränkt an et ass einfach ze geféierlech. Hien hat mech net falsch ageschätzt, hien hat mech einfach guer net gesinn. Wéi ech dunn mat der Hand en Zeeche gemaach hunn, e soll dach oppassen, koumen d'Klassiker, déi ëmmer komme, vun deenen, déi eppes falsch gemaach hunn: 1. d'Vollbremsung, 2. wëllt Gestikuléieren an 3. de Villchen. Wat duerno nach alles koum u Connerien ass wahrscheinlech dorops hinzeféieren, dass de ... Chauffeur grad an deem Moment vun der 1. aggressiver Harespel vun der Saison 21 gepickt gi war, well hien huet a sengem Auto iwwert ee Kilometer laang, wëllt em sech geschloen a gestikuléiert, ass permanent brutal am Zick-

zack gefuer, huet sämtlech Knäppercher gedréckt, Winkeren, Warnblinkanlag, Heck-Spritzanlag a Wischer, huet nach e puer mol sec gebremst oder beschleunegt, iwwer zwou Ronnen am Rondpoint gedréint an dann erëm décke Gas a fort; oder wollt hee just weisen dass, am Géigendeel zu sengem Verstand, bei sengem Auto awer alles korrekt funktionéiert?

Ech hat also scho vill Chance bei mengen éischte Sortien an dëser nach jonker Motorradssaison, hunn d'Situatiounen gottseidank ëmmer fréizäiteg erkannt an och ëmmer schnell a richtig reagéiert. Viläicht ass et awer och eng Saach vun Erfahrung oder Training. Ech si scho 40 Joer mam Moto ënnerwee an hunn am Laf vun all deene Joren och scho ronn 20 Motostraininge besicht a scho munnech geféierlech Situatioun erlieft. Et bleift just ze hoffen, dass all déi aner, viru allem déi jonk an onerfuere Motofuerer, esou oder ähnlech Situatiounen och meeschtere kënnen a weiderhin dëse flotte Hobby ausübe kënnen. Bonne chance, passt op lech an op déi aner op a rechent ëmmer mat Allem - „expect the unexpected“. E Mototaining kann näischt schueden well kee vun eis ass onfeelbar a kann all Geforesituatioun virausgesinn. Jidderee kann ëmmer nach eppes bäiléieren.

Jo, mir fuere also erëm duerch d'Ländchen, wou solle mir och soss hinn. Vill vun eis géife jo och gären nees e flotten Tierchen duerch d'Ardennen, d'Vogesen, d'Eifel oder d'Musel-Hunsrück-Regioun fuere, awer dat ass jo alles net esou evident, also fuere mir och weiderhin an eisem klengen awer flotte Ländche ronderëm, och wann dat am Laf vun der Saison 10 mol op deene selwechte flotte Strecken am Eisléck, am Mëllerdall oder laanscht Musel, Sauer an Our ass.

Motofuere ass fir vill vun eis net nëmmen een Hobby, mee éischer nach eng Passioun, a mir fuere jo aus Spaass un der Freed an net fir vun A ob B ze kommen, oder well een eis duerzou zwéngt. Meeschtens ass just déi flott Streck eist Ziel, an dobäi wëlle mir (zumindest déi meescht vun eis), prinzipiell eigentlech kee belästegen oder engem op de Geescht goen. Et ass eng Liewensastellung an huet och e bessi mat Onofhängegkeet, Fräiheet a Leidenschaft ze dinn. Fir e passionéierte Biker huet d'Motofuere näischt mat Angeberei, iwwerméissegem Radau, extremem Risiko, oder Aggressivitéit asw. ze dinn an et geet heibäi och ganz sécher net drëms, fir aner Leit ze nerven, ze erschrecken, oder ze beandrocken.

Eigentlech si jo all d'Motorradfuerer och Autofuerer a ganz vill och nach Velofuerer (a Foussgänger si mir jo souwisou alleguer).

All dier Motofuerer, all dier Autofuerer an all dier Velofuerer: e bessi Récksiicht a Respekt ee vis-à-vis vun deem aneren an e bessi méi mateneen am Plaz géinteneen, géif jo hei näischt schueden. Villäicht kënnt jo esou och nach deen een oder aner Accident an domadder och esou munnecht Leed évitéiert ginn.

E passionéierte Biker.